



Groupe parlementaire

N° 7540  
Entrée le 01.02.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 02.02.2023

Här Fernand Etgen  
Präsident vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 1. Februar 2023

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister, den Här Policeminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

De 26. November war am Tageblatt ze liesen, datt den Escher Schäfferot seng Decisioun, d'Stroossebeliichtung Owes eng Stonn éischer auszuschalten a Moies eng Stonn méi spët erëm anzuschalten aus Sécherheetsgrënn no nëmmen e puer Deeg zeréckgezunn huet. Et war nämlech notament zu engem erhéichte Risiko am Verkéier an och fir d'Schoulkanner koum. Souwéi et mir zougedroe gouf, bleiwen d'Stroosseluuchten awer op villen anere Plazen am Land Nuets ausgeschalt.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Ginn d'Energiespuermoosnamen, souwäit se déi öffentlech Belichtung betreffen, tëschent deenen eenzelen Administratioune koordinéiert, fir ze evitéieren, datt et op bestëmmte Plazen zu engem erhéichte Sécherheitsrisiko kënn, sief et am Verkéier oder duerch eng Zounam vun der Kriminalitéit? Falls net, firwat net?
- 2) Kann d'Regierung matdeelen, op d'Policepresenz gegebenefalls erhéicht gëtt, wann op sensibele Plazen, ewéi zum Beispill Garen Nuets d'Luuchten ofgeschalt ginn? Falls net, firwat net?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen, op schonn e statisteschen Impakt vun dësen Energiespuermoosnamen op d'Kriminalitéit souwéi d'Zuel vun den Accidenter feststellen ass?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten